N°1781
Entrée le 15.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gläichheet tëscht Geschlechter an Diversitéit weiderzeleeden.**

2019 hat de lëtzebuergesche Weibëschof ausgeschloss, dass Fraen an der kathoulescher Kierch kéinte Paschtouer ginn. Dës ass bis haut nach d'Positioun vun der kathoulescher Kierch. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1270 hat déi virëg Ministesch fir Gläichberechtegung erkläert, dass d'Regierung net an d'Reliounsfräiheet agräift, och wann hei d'Gläichheet tëschent de Geschlechter mat Féiss getrëppelt gëtt. An der Äntwert op d'Fro n°1463 schreift déi jetzeg Minisitesch fir Gläichheet an Diversitéit :
"*Mäi Ministère steet kloer fir eng Gesellschaft, an där Fraen an all Beräich déi selwecht Rechter sollen ze gutt komme, wéi Männer.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert d'kathoulesch Kierch weiderhi Frae kënnen op Basis vun der Reliounsfräiheet diskriminéieren?

2. Wäert ënnert dëser Regierung d'Reliounsfräiheet weiderhin iwwert de Fraerechter an der Gläichheet tëschent de Geschlechter stoen?

3. Wäert d'Ministesch d'Gespréich mat de Vertrieder vun der Kierch sichen a sech kloer fir d'Rechter vun de Fraen asetzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten